



## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6251 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6243 iwwert d'Erhale vun der Privatsphär an den elektronische Kommunikatiounen. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Bettel, Fayot an Adam. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6243 - Projet de loi portant modification

### 1) de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques;

### 2) de la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel;

### 3) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

### 4) du Code de la consommation

## Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Paquet Télécom ass wuel jiddwerengem heibannen e Begrëff, an dat spëtstens säitdeem dëst Haus viru véier Joer eng Rëtsch vun Direktiven - et waren der genee eng hallef Dosen - an d'Nationalrecht ëmgesat hat, déi sech ëm déi eenzel Aspekter vun der elektronischer Kommunikatioun gedréit hunn.

Un a fir sech däréif ee sech dann elo froen, firwat knapps véier Joer duerno nees Direktive fir ëmzesetzen op eisem Dësch leien, déi sech mat genee deemselwechte Sujet befaassen.

Mä d'Äntwert ass licht, op d'mannst fir déi, déi sech e bësse méi intensiv mat deenen neimoudeschen Instrumenter wéi der digitaler Televisioun, dem Smartphone, dem Tablet - ech hätt och kënnen iPhone an iPad soen, mä ech wollt hei keng Reklamm fir e bestëmmte maachen - erëmklappen.

### (Interruption et hilarité)

Dat sinn...

Majo, esou war et geduecht. Dir hutt dat direkt gemierkt.

Dat sinn nämlech Saachen, vun deenen een deemools, wéi den éischten Télécomspak ficeleiert ginn ass, bal nach guer näischt wousst. Geneesou wéi deemools Breetband - a Fiber-glaskabel héchstens den Technikspezialisten e Begrëff waren an nach keen dru geduecht huet,

datt mir enges Dags total vernetzt wieren an datt eise ganzen...

### (Brouhaha)

► **M. le Président**.- Ech bieden lech, dem Här Thiel nozelauschteren!

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Et ass vläicht net interessant genuch, dat do.

► **Une voix**.- Dach!

### (Brouhaha)

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- ...an datt eise ganze Wëssensarsenal souguer iergendwou op enger Wollek - Dir wësst jo „cloud computing“ - schwiewe géif.

A well dat esou séier gaangen ass, blouf soss näischt iwwreg, wéi och dee regulatoreschen Encadrement un déi rasant Entwécklung unzepassen, wat dann 2009 geschitt ass, wéi zu Bréissel zwou Direktiven an ee Reglement an eng nei Télécom-Versioun agepaakt gi sinn, mat där, fir am Fachjargon ze bleiwen, en Update vun deenen ale Regele gemaach ginn ass.

Déi zwee éischt Voleten vun deem neien Télécomspak, an deenen et notament ëm eng geséichert a gläichméisseg Versuergung vun alle Konsumenten an ëm de fräien Zougang zum Internet fir jiddweree goug, goufe viru fënnf Méint hei an dësem Haus ofgehaakt, wéi mir de 27. Januar zwee Gesetzter gestëmmt hunn, déi d'Bréisseler Virgaben an d'national Législation ëmgesat hunn.

Net dobäi waren deemools déi Regeln, déi mam Dateschutz am Telekommunikationsberäich ze dinn hunn. Dat ass en zimlech delikaten an och e komplexe Sujet, deen duerfir och e bësse méi Zäit gebraucht huet. Mä haut ass och dee Volet prett a waart drop, vun lech ofgeseent ze ginn.

Et geet bei dësem Ëmsetzungsgesetz virun allem ëm zwee grouss Uleiessen: Engersäits soll d'Protektioun vum Privatliwen duerch en effikassen Dateschutz verstärkt ginn, an anerersäits soll d'Fonctionnéiere vun där Instanz, déi grad duerfir viru sechs Joer an d'Liewe geruff gouf, nämlech d'Commission nationale pour la protection des données, ofgekierzt CNPD, nach verbessert ginn.

Et ass evident, dass jiddwer Bierger datselwecht Urecht op Protektioun vu senger Privatsphär huet. Och wann et hautdësdags in ass, säi Séile-Striptease um Facebook an ähnlechen exhibitionistesche Foren ze maachen, ännert dat näischt drun, dass jiddweree weiderhin dat Recht huet, säi Privatliewe géint de Virwëtz vun dobaussen ofzeschiermen, an datt et dem Gesetzgeber seng Pflicht ass, fir eng adequat Protektioun ze suergen.

Dat geschitt dann och mat dësem Gesetz, dat dee Schutz vun der Privatsphär op dee leschte Stand vun der technologescher Entwécklung hieft. Et ass jo gewosst, dass de Virwëtz keng Grenze kennt an och net virun deem Eenzelne senger Hausdier haltmécht. Och wann esou e Virwëtz éischer harmlos a souguer duerchaus mënschlech ka sinn, well e sech éischer am Beräich vun deem beweegt, wat mer op gutt Lëtzebuerger de Beschass nennen, kann hien awer och ausarten an dann zur reeller Gefor fir deen Einzelnen a fir d'Gesellschaft ginn.

Dat ass ganz eenditeg de Fall an Diktaturregimen, déi ouni eng intensiv Iwwerwaachung vun hire Bierger net auszekomme mengen an duerfir all méiglech Bëspëlungsinstrumenter asetzen. Mä och an deene méi ziviliséierte Länner geet d'Spionitis ëm, sief se vun uewen erf gesteuert an och souguer heiansdo berechtigt, nämlech dann, wann et ëm d'Sécherheet vun Stat oder ëm d'Bekämpfung vun Terrorismus an der organisierter Kriminalitéit geet, oder sief et, well Geschäftsmëcher derhannert stiechen, déi sech un där uraler Wourecht orientéieren, dass Wësse Muecht bedeit, an déi dann hiert Wëssen um Bockel vun hiren Affen zu Mënz ze maache versichen.

Dat alles gëtt natierlech haut doduerch vill méi einfach gemaach, datt et all méiglech Instrumenter gëtt, mat deenen ee sech an d'Privatliewe vun Einzelnen eraschläiche kann, ob elo als kriminellen Hacker, fir anere Leit hir Bankkonten ze plëmmen, oder nëmmen als „Schmalspur-James-Bond“, dee mat sengem Handy heemlech verfänglech Fotoe vu Promi schéisst, fir se engem Revolverblat ze verkaufen.

An dësem Gesetz geet et ëm den Asaz vun den Telekommunikationsinstrumenter an dorëmmer, ze verënnern, dass déi Instrumenter mëssbraucht ginn, fir an d'Privatsphär anzubriechen. Datt do déi sougenannte Bedriewer, also d'Acteure vun der Mobiltelefonie eng zentral Roll spillen, läit wuel op der Hand, well bei hinne lafen all déi Sträng zesummen, iwwert déi d'Telekommunikatioun geschitt.

Duerfir ginn zum Beispill an deem neie Gesetz d'Provideren dozou ugehalen, der CNPD, also

der Iwwerwaachungsinstanz, direkt Meldung ze maachen, wa si eng Attack op d'Privatsphär an hirem Réseau entdecken. A si ginn doriwwer eraus och obligéiert, an deem Fall hire Client oder hir Clienté vun där Attack, vun deenen Attacken an d'Bild ze setzen.

Datt déi Gratwanderung tëschent engem ofenen an am Prinzip net kontrolléierten Netz op där enger Säit, an der Protektioun vum Individu op där anerer Säit net ëmmer einfach ass, sief un engem Beispill illustréiert.

Laut Gesetzesprojet sollten am Fall, wou een den 112 urufft, eng Rei vun Informatiounen, ënner anere d'Internets- an d'Facturationsadress vum Uriffer, gespäichert ginn, fir datt d'Police an d'Rettungsdéngschter genee am Bild sinn, besonnesch, wann deen Uruff aus engem Betrib an net vun engem Privatuschloss kënnt. Well do all méiglech Detailler iwwert den Uriffer sollten enregistriert ginn, hunn net nëmmen d'Provideren sech géint deen techneschen Opwand gestäipt, deen domat verbonnen ass, mä et ass och vum Statsrot gesot ginn, dass géif nun awer wierklech ze wäit. Är Kommissioun huet sech dunn där Meinung ugeschloss a si huet d'Lëscht vun den Informatiounen op den absolut noutwendige Minimum gekierzt.

Nach méi Kappzerbrieches wéi d'Protektionsbarrière ronderëm deen eenzelne Konsument an deem seng Privatsphär awer huet deen zweete Volet vum Gesetz bei der Ausaarbechtung gemaach, dee sech op d'Iwwerwaachungsinstanz selwer, nämlech op d'CNPD bezieht.

Dat huet notament domat ze dinn, dass d'CNPD als staatlecht Kontrollorgan mat enger gewësser Autoritéit ausstafféiert ginn ass, zu där och d'Aussprache vu Sanktiounen an d'Verhänke vu Geldstrofe gehéieren. Wéi scho méi dacks bei deenen dräi aneren Instanzen, déi eng ähnlech Missioun ze erfüllen hunn - Dir wësst: d'CSSF, den ILR an de Commissariat aux Assurances -, huet och dës Kéier de Statsrot d'Ouere gespëzt, well et ëm d'Kompetenz vun deenen éischer als harmlos Etablissements publics agestuuften Iwwerwaachungsinstanze geet. Hien huet do e Problem dermat, dass déi gewëssermooesche Polizeibefugnisse kréien, well si jo eigentlech an hirem jeeweilege Beräich och als Polizei agéieren.

Dës Kéier konnt de Problem an domat eng vun den Oppositionen formelles vum Statsrot aus der Welt geschaf ginn, andeems iwwer en Amendement d'Méiglechkeet vun engem Recours en réformation virum Verwaltungsgericht agebaut gouf, fir de Fall, wou een net mat der Sanktioun vun der CNPD d'accord wär.

Domat ass awer deen éiwege Problem vun deene Kontrollinstanzen nach ëmmer net geléist, déi aus dem angelsächesche Recht stamen a keng esou eng richtig Plaz an eisem laténgeschen Droit fannen. Ursprénglech aus dem Prinzip vun Autocontrôle entstanen, wéi mir e bei eis bei den Dokteren, bei den Affekoten kennen, sinn déi Organer vum Législateur mat offizielle Missiounen chargéiert ginn, déi se awer nëmmen dann assuréiere kënnen, wa si mat deenen noutwendegen Moyenen ausgestatt ginn. An dozou gehéiert och eng gewësse Polizeigewalt. Mä déi kollidéiert dann direkt erëm mat eisen agefuerechten Rechtsinstitutiounen.

Et ass net fir d'Éischt, dass ech vun dëser Plaz aus fir en eegene Statut fir dës Instanze plädéieren, fir datt si endlech hir Verankerung an eiser Statsorganisatioun fannen. Wat hei feelt, ass eng horizontal Regelung an der Plaz vun deene Silosgesetzter, déi jiddwer Kontrollinstanz fir sech behandelen an zum Deel och ënnerschiddlech encadréieren.

Dat bréngt da souguer mat sech, dass zum Beispill d'Personal net ëmmer d'selwecht behandelt gëtt. Firwat misste mir soss extra an dësem Gesetz festhalen, dass d'Membere vun der CNPDs-Direktioun de Fonctionnairesstatut zougutt hunn, wéi dat bei hire Kolleegen an deenen dräi aneren Institutiounen säit jeehier de Fall ass?

Dir gesitt, d'Aarbecht geet eis hei an der Chamber nach esou bal net aus, och wa mir ëmmer, ëmmer méi vun deene Regeln, déi mir hei ofseenen, vu Bréissel virgeknaht kréien an dann och nach gesot kréie vun deeneselwechten zu Bréissel, fir wéini mir se ëmzesetzen hunn. Am Fall vun dësem Gesetz war dat eben den 28. Mee dëst Joer. Mir sinn also elo nach bal am Délai, awer nëmme bal.

Duerfir gëtt et och héich Zäit, dass mer deem Gesetz eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur Lucien Thiel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten an eiser Fraktiounssitzung eng länger Diskussioun iwwert dee Projet. Tatsächlech, wann een och kuckt, wéi d'Dispositions législatives am Ausland sinn an den Exposé des motifs, do steet dran: «Une vie sauvée vaut mieux que la vie privée.»

Dat ass e bëssen d'Konklusioun vun deem heiten Text, wou ech awer och wëll selbstverständlech dem Rapporteur Merci soen an och net méi op den techneschen Detail wëll agoen.

Firwat ech dat soen, dass ass, well am Fong elo mat där doter Législatioun - ech mengen, et ass den Artikel 5, deen dat virgesäit -, wann eng Persoun, déi en Appel de secours op den 112 oder op den 113 mécht, deen, deen den Uruff kritt, automatesch am Fong da weess, mat wien en ze dinn huet. Dat heescht, en huet dann en Numm, en huet eng Adress vun där Persoun, déi do telefonéiert.

Et gëtt selbstverständlech Argumenter, déi derfir schwätzen; Argumenter, dass ee seet géint d'Fausse alerte. Dat ass awer elo net dee wichtigsten, mä dat heescht, een, deen elo géif bei d'Police oder bei d'Pompjeeën uruffen, fir eng Fausse alerte ze maachen, dass dat selbstverständlech dann och méi einfach ka bestrooft ginn.

Mä virun allem geet et drëms, wann et enger Persoun schlecht ass, si e Schlag mécht oder et hir net gutt ass a si telefonéiert a si kann op eng Kéier net soen, wou se ass oder wie se ass, dass een da kann erausfannen, wien ugeruff huet a wou déi Persoun sech befënnt an och kann d'Secoursen dohinnerschécken.

Et soll een awer och net vergiessen, dass aner Leit op den 113 uruffen, deenen et net schlecht ass, mä déi einfach en Akzident wëllen dénoncéieren, déi e Fait wëllen dénoncéieren. An ech kann lech e Beispill ginn. Regelméisseg si bei der Police Leit, déi telefonéieren, well d'Nopere sech zerstreiden, wou Violences domestiques dra sinn. Et si souguer d'Kanner, déi heiansdo uruffen, well de Papp der Mamm meeschtens jo dann der gëtt, an dann d'Kanner wëllen uruffen a selwer net kënnen intervenéieren, well se Angscht hunn, selwer geschloen ze ginn. An de Risiko besteet, dass duerno am PV vun der Police op jidde Fall dann erauskënnt, wien telefonéiert huet. Wann ee kuckt, wéi meeschtens och d'PVe geschriwwen ginn, da steet do: „Um 18:43 Uhr kam ein Anruf von..., geboren...“, etc, etc.

Wann dat de Fall wier, selbstverständlech, Här President, kann et do Niewerisquen hunn, dass scho verschidde Leit, déi bereet wieren, anonym unzeruffen, fir eppes ze dénoncéieren - wéi zum Beispill bei den Noperen, et weess een net an engem Appartementshaus, ob et dee vu lénks, vu riets, vun driwwer oder vun drënner ass, déi awer bereet wieren, esou e Fait ze dénoncéieren -, dann éischer sech soen: „Komm, ech mësche mech léiwer net an, mam Risiko, dass soss den Noper weess, wien telefonéiert huet a wien et gesot huet.“

Dowéinsten muss ee sech d'Fro stellen, ob et net eng Atteinte à la vie privée ass. An ech hat och an der Kommissioun gefrot, ob et net méiglech wier, fir dass den Usager kéint bei sengem Abonnement eng Case hunn, wou e kéint dropschreiwen, ob en averstanen ass oder net, dass seng Donnéeën esou automatesch da weidergeleet ginn.

Firwat? Well - ech hunn lech et virdru gesot - menger Meinung no verschidde Leit, déi soen: „Wann ech eppes gesinn oder eppes weess oder wéi soen, awer net onbedéngt wëll, dass gesot gëtt, dass ech et sinn“, awer d'Recht kënnen behalen, eppes ze dénoncéieren, an net dass direkt gesot gëtt: „Hei, bonjour, Här Bettel, Är Adress, Är Telefonsnummer, mir wëssen alles iwwer lech, Äre Gebuertsdatum“ -, wann een einfach eng Nummer composéiert.

Et ass eng Acceptation des risques. Dat heescht, dass de Client dann, wann e säin Abonnement ënnerscheift, seet: „Ech sinn averstanen oder net, a wann et mer ebe schlecht geet, wann et mer schlecht gëtt, wann ech e Schlag maachen oder wann ech net méi ka schwätzen, sinn ech bereet, dass, wann ech telefonéieren an net ka schwätzen, ech eben dee Risiko aginn.“

Mir mengen, dass et wichteg gewiescht wier, dass een dem Bierger, dem Usager, deen en Abonnement ënnerscheift, déi Méiglechkeet hätt kënnen ginn, dass en hätt kënnen soen: „Ech wëll net, dass meng Nummer mat transmittéiert gëtt, wann ech op esou eng Nummer uruffen.“ Mir fannen et schued, dass déi Dispositioun do net drakomm ass.



Mir wëssen awer och, wat an der Direktiv dra-steet. An do gëtt et jo och Diskussiounen a ver-schiddene Länner, wéi eng technesch Moyenen do mussen zur Verfügung sinn. Hei zu Lëtze-buerg hu mer elo den „push ups“. Dat ass jo dann, dass automatesch dann den 112 oder 113 iwwer eng Meldung gewuer ginn, wien te-lefonéiert. D'Direktiv gesäit dat vir. Dat heescht, mir wëssen als Partei, dass de Choix, d'Marge de manœuvre vun der Regierung net grouss ass bei enger Transpositioun vun enger Direktiv.

Mir bereie wéi gesot, dass dat net hei zu Lëtze-buerg applizéiert gëtt, dass een d'Recht huet, fir net d'Informatiounen weiderzeginn. Fir eis ass et sécher eng Attack awer op d'Privatsphär an op d'Privatliewen.

An der Fraktioun si mer zur Konklusioun komm, Här Minister, dass mer dëse Projet awer wëllt stëmmen, dass mer eis net géifen enthalen, dass mer net géifen dergéint stëmmen, mä wéi gesot, mir fannen et schued, dass déi doten Dispositioun net drakomm ass. Et wier méi e grouse Garant an et wier e Choix gewiescht vum eenzelne Bierger, fir ze akzeptéieren, ob en dat wëllt oder net. Mä mir wëssen, wéi gesot, et ass eng Direktiv. Eis Marge de manœuvre ass zimlech kleng. An duerfir si mer zur Konklusioun och komm, dass mer eis net kéinte géint déi Direktiv stellen.

An duerfir wäerte mer dëse Projet och stëm-men.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bettel. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, dëse Projet transposéiert a Lëtzeburger Recht dee leschten Deel vun deem sougenannte Paquet Télécom, deem 2009 vum europäesche Légis-lateur ugeholl gouf. De Rapporteur Lucien Thiel huet dat uganks vu sengem Rapport hei och virgedroen. Ech soen him och Merci fir déi Aar-becht, déi en dofir gemaach huet.

Ech wëll och soen, dass déi europäesch Ge-setzgebung iwwert de Schutz vun Donnéeë jo scho vum Joer 1995 hierkennt an opgrond vun der technologescher Entwécklung e puermol ofgeännert ginn ass.

Dat Gesetz hei verfolgegt jo zwee Hauptziler. Dat eent, dat ass Privatsphär vun de Kon-sumenten an Utilisateure vun elektronische Kommunikatiounen besser ze schützen. An dat anert Zil ass, d'Onofhängegkeet vun den nation-ale Kontrollinstanzen ze stäerken. Et muss een déi zwee Aspekter zesumme kucken.

Ech erklären d'Architektur vun enger moderner Approche um Gebitt vun den elektronische Medien: engersäits eng méiglechst grouss Frei-heet, déi d'Éclosioun vun deem Secteur er-méiglecht huet an och weider erméigleche wäert, an anersäits eng Eegeresponsabilitéit vun de wirtschaftleche Bedreiwer. An iwwert déi zwee ongläich Acteure gehéiert dann eng Kontrollinstanz, déi net staatlech ass, mä öf-fentlech-rechtlech, well se méiglechst onof-hängeng vum Stat soll sinn.

Dat ass jo, wéi de Rapporteur et rappéléiert huet, e bëssen en angelsächesche Modell, dee mer iwwer Europa do iwwerhuelen. Sou dass de Stat eigentlech als politesch Instanz mam Fonctionnement vun den elektronische Me-dien näischt ze dinn huet a sech selwer dëser Kontrollinstanz an hirer Praxis mat elektrone-sche Kommunikatiounen ënnerwerfe muss.

Elektronesch Kommunikatiounen huele rasant zou. Enorm wirtschaftlech Interesse sinn domat verbonnen. De Konsument liwwert duerch säi Gebrauch vun dëser Kommunikatioun Kéip vu perséinlechen Donnéeën, déi e blühende Mar-ché duerstellen.

D'elektronesch Kommunikatioun ass och na-tierlech e formidabel politesch Instrument, dat et erlaabt, Masse vu Leit fir sozial, kulturell oder reliéis Ziler ze mobiliséieren. Den Internet ass e Mëttel vu kritescher Informatioun grad wéi vun intensiver Manipulatioun, wann een zum Beispill un dat denkt, wat elo a Grouss-britannien mat „News of the world“ geschitt ass.

Et ass also och e Secteur, deem extrem ufälleg ass, fir déi Donnéeën, déi doranner sinn, fir dass déi op eng onerielech, crapuléis Manéier kënnen ofgefrot ginn. Dëst ass d'Ur-saach - mengen ech - fir eng europawäit Gesetzge-bung, déi net méi reng national ka sinn, et deet mer leed. Ech mengen, de fräien Zougang zum Internet ass grenziwwergräifend. Duerfir muss d'Gesetzgebung, déi Regelung dovunner, grenziwwergräifend europäesch sinn.

An dës Gesetzgebung ass eben d'Resultat vu laange Verhandlungen zwësche Kommissioun, Conseil an Europaparlament. Wann een e bë-sen nokuckt, wat an deene Verhandlungen, po-litesche Verhandlungen an deenen Institutiounen geschitt ass, da gesäit een, wéi déi verschidden Interesse probéiert hunn, sech do duerchze-setzen. An ech mengen, besonnesch an dësem Gesetz, an der Transpositioun vun dësem Deel vum Paquet Télécom gëtt et kloer, dass awer iwwert d'Europaparlament ganz vill allgemeng Interesse sech duerchgesat hunn.

Déi wichtegst Neierung vun der Regulatioun vun den elektronische Kommunikatiounen be-steet an der Verpflichtung vun den Dëngscht-leeschter, all Ugrëff op d'Sécherheet an d'Con-fidentialitéit vu perséinlechen Donnéeën der Commission nationale pour la protection des données ze mellen an d'Utilisateuren doriwwer ze informéieren.

D'Bedreiwer kréien also eng Eegeverant-wortung iwwerdroen. Si därfen net waarden, bis eppes erauskënn. Si musse selwer aktiv ginn a sech mat der Iwwerwaachungs-institutioun a Kontakt setzen. An dëst Zesum-mespill vu privatrechtleche Bedreiwer a vun der öffentlech-rechtlecher Kontroll, déi keng eegen Interessen an deem Secteur huet, soll eng ver-antwortungsvoll Fräiheet op deem Gebitt vun den elektronische Kommunikatiounen schafen.

Ob dat an der Realitéit fonctionnéiere wäert, muss sech weisen. Et hänkt an der Haaptsaach vun der Duerchschlagskraaft vun der Commis-sion nationale de la protection des données of. Dat heescht, vun de Spezialisten, déi dëser In-stitutioon zur Verfügung stinn. Et hänkt och vun der Konsequenz of, mat där déi Verantwortung vun de Bedreiwer respektéiert gëtt. An natier-lech ass och deen eenzelne Consommateur also Utilisateur vun elektronische Kommunikatiounen gefuerdert.

Mir wëlle jo déi formidabel Kommunikations-mëttelen, déi den Internet bitt, net duerch eng autoritär Kontroll anengen. Mir wëllen awer och net erlauben, dass den eenzelne Konsument vun de Multinationale manipuléiert a fir hire Profit exploitéiert gëtt.

D'Commission nationale de la protection des données schwätzt dëse Problem an hirem gud-den Avis zum Gesetz un. Si ënnersträicht zum Beispill, dass déi komplizéiert Notizen a klenger Schrëft, déi e Benotzer vun engem Site Web an de Servicer muss liesen an approuvéieren, oft ze laang an an engem onverständleche Jargon verfaasst sinn a vu kengem eigentlech genee gekuckt ginn, geschweige da gelies ginn.

Wéi oft hu mer schonn einfach gesot „weider-fueren“, wa mer eng laang Schmier virun ons um Écran haten? An dat mécht dann natierlech d'Dier fir all méiglech Dériven op. Dat heescht, dass d'Bedreiwer vun esou Sitë schlussendlech egal wat mat den Donnéeën herno maache kënnen, iwwert déi se verfügen.

D'Commission nationale pour la protection des données weist an hirem Avis op d'Aarbechte vum Groupe de travail Artikel 29 sur la pro-tection des données am Kader vun der Euro-päescher Kommissioun hin. Den Artikel 29 kennt aus der Direktiv vu '95.

Déi sougenannt Publicité comportementale gëtt et schonn zënter den 90er Joren. Si besteet doranner, d'Utilisateure vum Internet ze verfol-legen, wa se um Internet surfen an hire Profil während enger Zäit laang opzestellen. Déi Pro-filer ginn da benotzt, fir Publicitéiten, déi hirem Interessegebitt entsprechen, ze offeréieren.

Duerfir huet de Groupe de travail Artikel 29 festgehalten, dass déi sougenannt Cookies am Computer vum Eenzelnen nëmme mat dem Averstännis vum Utilisateur placéiert därefe ginn. Et muss also d'Méiglechkeet vum „opt out“ ginn, wat largement haut net de Fall ass. A wann also Elementer vun Identitéit gebraucht ginn, fir detailléiert Profils d'utilisateur opze-stellen, mussen déi Profilen dann als Donnée à caratère personnel considéiert ginn, déi laut der virleiender Direktiv ze schützen sinn. Trans-parenz ass also gefrot, dass d'Utilisateuren hiren Accord fir d'Kollekt an den Traitement vu perséinlechen Donnéeën en connaissance de cause kënnen ginn.

Deen anere Volet - ganz kuerz nach ee Wuert dozou - betrëfft also d'Commission nationale pour la protection des données, déi an der Ar-chitektur zwëschent de Bedreiwer an den een-zelne Konsumenten eng wichteg Roll ze spille kritt. Si kritt d'Recht, fir Strofen ze ginn. De Conseil d'État - et ass scho gesot ginn - huet jo verlaangt, dass e Recours en réformation virum Verwaltungsgericht géint esou Strofe méiglech ass. Mä onse Stat, mengen ech, soll dësem wichtegen Organ déi néideg Spezialisten zur Verfügung stellen, fir déi Kontrollfunktioon vum Internet effikass duerchzeféieren.

Et ass duerfir och richtig, dass d'Sécurité de l'emploi fir d'Conseilleren agefouert gëtt, déi

net méi genannt ginn, an dëst ass sécher och eng wichteg Garantie fir hir Onofhängegkeet.

Här President, selbstverständlech ass meng Fraktioun mat dësem Gesetz d'accord. Ech wollt awer e bësse méi detailléiert op dat Ge-setz agoen, well ech mengen, dat hei con-cernéiert jiddwereen, deen eng Kéier op den Internet geet, a wann en zwee-, dräi-, zéng-, zwanzegmol am Dag drop geet, dann ass en ëmmer méi concernéiert, well da gëtt en - ech wëll net soen en Opfer -, mä da gëtt e po-tenziell eng Identitéit fir vill Leit, déi sech un him interesséieren. A mir mussen ons bewosst sinn, wat dat fir jiddwer Eenzelnen, och fir ons, bedeit.

Also jo zum Internet, jo zu deem formidabele Mëttel, mä oppassen, Schutz, Transparenz sinn absolut noutwendeg, an duerfir solle mer ons och als Chamber intensiv an Zukunft domat befaassen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Fayot. Als nächsten a gläichzäiteng leschte Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Merci fir d'Éischt dem President-Rap-porteur, dem Här Thiel, fir seng ausféierlech Rapporten, Merci och dem Här Fayot. Wann een nach bei dem mëndleche Rapport vum Här Thiel eppes net gewosst huet, ech hunn déi ausféierlech Erklärungen vum Här Fayot och ze schätze gewosst.

Mir hunn et haut mat enger Upassung vum Gesetz iwwer spezifesch Dispositiounen zur Protection de la personne à l'égard du trai-tement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques vun 2005 ze dinn, ee Gesetz, wat Bestanddeel war vum éischte Paquet Télécom.

Mir haten als eenzeg politesch Fraktioun géint dëst Gesetz, den deemolege Projet de loi 5181, gestëmmt. Mir haten deemools, grad wéi haut, d'Positioun vertrueden, dass et normal wier, dass d'Opérateuren hir Daten esou laang géife späicheren, wéi se dat bräichte fir d'Factu-ratioun. Wann dann allerdéngs Zweifel un enger bestëmmter Persoun géif bestoen, wann ee Verdacht besteet, dee begrënnt ass, dann ass et um Riichter ze soen: „Deen do wëll ech mer gäre méi no ukucken.“

Déi Méiglechkeet huet een à tout moment, fir ze soen: „Späichert wann ech gelift deem dote seng Daten e bësse méi laang, deem do musse mer kënnen e bëssen op d'Fangere kucken.“ Dat ass bei Leit, wou ee Verdacht besteet a wou een dee Verdacht ka begrënnen.

De Prinzip awer, dass all Interception vun esou Donnéeën, all Interception eng Violatioun vum Droit à la vie privée vun den Individuen a vum Secret vun der Korrespondenz duerstellt, dat muss de Prinzip bleiwen, och, wann dee Prinzip natierlech muss wéi all Prinzip seng Aus-nahmen hunn.

Mat dem Gesetz vun 2005 hat d'Majoritéit de Stockage vun Donnéeën zur Routine erkläert; dat heescht, et ass aus der erlaabter Surveil-lance an exzeptionelle Fäll d'Regel gemaach ginn. Dat dierf an engem demokratesche Rechtsstat net sinn.

Mir hunn eis et och einfach gemaach, wat d'Käschte betrëfft. Déi héich Käschten, déi hei kreéiert gi sinn, ginn zulaaschte vun den Opé-rateuren. Dat heescht selbstverständlech näischt ansicht, wéi dat de Schlusskonsument, dat heescht den normalen Handy-Besëtzer oder Utilisateur, se zur gudder Lescht op senger Rechnung stoen huet.

Et ass haut net fir d'Éischt, wou an dëser Ma-tière nei légiféiert gëtt. Sou ass zum Beispill och d'Späicherzäit vun den Date vu zwielef op sechs Méint erofgesat ginn. Um fundamentale Prinzip, dass ouni Verdachtsmoment d'Date vun alle Bierger iwwer een Zäitraum, dee wäit iwwert dat geet, wat fir d'Facturation ge-braucht gëtt, gespäichert ginn, dorunner huet sech näischt geännert.

Dobäi ass dëse Projet am Verglach zu der ak-tueller Législatioun e Fortschrëtt, mä leider ass „besser“ an dësem Fall nach net gutt genuch.

De Fournisseur ka bestrooft ginn en cas de manquement répété. Wann de Fournisseur eng éischte Kéier senger Obligatioun net nokënn, da kritt e just e bësse Fanger vun der nationaler Dateschutzkommissioun gemaach.

Dat stellt eis net zefridden. Mir sinn der Mee-nung, dass, deemno wéi esou en éischte Man-quement ausgesäit, dat eigentlech och scho kéint Sanktiounen mat sech zéien.

Mir fannen et richtig, dass de Fournisseur bei all Violatioun vu perséinlechen Donnéeën muss d'Dateschutzkommissioun informéieren. Datt dës Informatioun iwwer eng Violatioun vu per-séinlechen Date just muss un deen eenzelnen

Abonnet weidergi ginn, wa se de Betraffenen negativ touchéiert, léisst vill Spillraum op.

Denkbar wier och gewiescht, et wier och besser gewiescht, dass all Violatioun un den Abonnet weidergerecht géif ginn. An der Kommissioun ass argumentéiert ginn, hei géif et sech oft ëm technesch Pannen handeln, an et hätt kee Wäert, de Konsument onnéideg ze be-onrouegen. Wann een all Woch e puer Feeler-meldunge kréich, da wier een net méi op-mierksam, wa wierklech eppes méi Graves géif passéieren. Dat ass natierlech net falsch, mä et kéint ee jo och direkt mat der Informatioun eng Aschätzung vun der Gravitéit vum Virfall liw-weren.

Kritiséiert ginn ass virun allem vun de Beruffs-kummeren, dass de CNPD och ka Sanktiounen ausschwätzen. Mir mengen, dass elo, wou mer och op Avis vum Statsrot een Droit de recours beim Tribunal administratif an d'Gesetz gesat hunn, kee Problem méi mat dëser Kompetenz vun der CNPD dierft sinn.

Här President, d'CNPD, also d'Commission na-tionale pour la protection des données, kritt mat der Entwécklung am Beräich vun den elek-tronesche Medien, an ënner anerem och mat dësem Gesetz, eng ganz Rei zousätzlech Aar-becht an och Kompetenzen. Mir kënnen just hoffen, dass mat den neien Aufgaben och déi néideg personell a materiell Ressourcen zur Ver-fügung gestallt ginn, fir eng gutt an effikass Aarbecht am Intérêt vum Dateschutz kënnen ze leeschten.

E weideren Diskussiounspunkt an der Kommis-sioun war och de Fait, dass mer an d'Gesetz schreiwen, dass jiddwereen, dee beim 112 oder 113 urufft, automatesch eng ganz Rei Informatiounen hannerléisst, wéi zum Beispill seng Téléfonsnummer, seng Adress, säin Numm a Virnumm an esou weider.

Ënner anerem, oder virun allem den Här Bettel hat an der Kommissioun gemengt, dass all Bierger och misst kënnen refuséieren, dass seng Donnéeën automatesch géife visibel gi bei engem Appel un ee vun den Numéros de se-cours. Et ass schonn e bëssen iwwert de Pro-blem geschwat ginn. Hei steet de Prinzip vum Schutz vu perséinlechen Daten dem Prinzip vun enger eventueller Non-assistance à personne en danger géigeniwwer.

Ech hat mech an der Kommissioun bei dëser wichtiger Fro enthalen, well ech wollt Réck-sprooch mat menger Fraktioun hunn. déi gréng sinn der Meinung, dass et hei manner ëm eng Fro vun Dateschutz geet, mä éischter ëm eng Fro vun der Organisatioun vun den Hëlfe-sdängschter.

Eis Hëllesdängschter soen, déi Uriff däreften net anonym sinn, well se soss net effektiv kéin-ten hëllefen. Dat schéngt mer och logesch ze sinn! Wann ech an der zukünftiger Réserve na-turelle Mamerdall spaziéiere ginn an en Acci-dent hunn, dann ass et wichteg, dass d'Hëlfe-sdängschter mech kënnen lokaliséieren. Dat-selwecht gëllt fir en Accident op enger Land-strooss, wou net all Tourist an och net all Lëtze-buerger genee kann ugin, wou en ze fannen ass.

Eng Persoun, déi a Panik urufft a vergësst, hiren Numm ze soen, oder schlecht beschriwwen huet, wou d'Rettungsdängschter mussen agra-fen, muss kënnen zrëck kontaktéiert ginn. An op Nofro bei der Direktioun vun der Protection civile hunn ech eigentlech och eng aner Infor-matioun kritt wéi dat, wat den Här Bettel elo grad gesot huet: Eis Hëllesdängschter hu keng Missioun repressiver Aart!

Een Dealer oder eng Persoun, déi am Droge-milieu steet, muss d'Rettungsdängschter infor-méieren, well se zur Assistance à personne en danger verpflichtet ass. Mä d'Rettungsdängschter däreften déi Donnéeën net un d'Police eraus-ginn, et sief dann, et léich eng Demande vun der Justiz vir, wou mer dann erëm bei der Aus-nahm vum Prinzip wieren.

Här President, well mer nach ëmmer prinzipiell net mat der allgemenger Späicherung vun Da-ten iwwert den absolut noutwendegen Zäit-raum eraus d'accord sinn, kënnen mer och net fir dat heite Gesetz stëmmen, dat näischt un deem Prinzip ännert. Well mer awer och ge-sinn, dass dëst Gesetz eng Rei Verbesserung-e par rapport zur aktueller Situatioun bréngt, stëmme mer och net dergéint. Déi gréng Frak-tioun wäert sech beim Vote vun dësem Projet de loi enthalen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Adam. Vu datt soss keen zousätzleche Riedner méi agedroen ass, kritt elo direkt d'Wuert den zou-stännegen Kommunikatiounsminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen, Ministre des Com-munications et des Médias.** - Merci, Här Pre-sident. Dir Dammen an Dir Hären... Sot mer, wéi vill Minutten ech hunn! Ech weess dat net.



► **M. le Président.** - Dir hutt 15 Minutten, Här Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias.* - Dat ass schéin. Ech wëll dem Här Rapporteur...

► **M. le Président.** - Dir musst déi awer net ganz opbrauchen.

(*Hilarité*)

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias.* - Jo. Also meng Interventioun sinn ëmmer proportionell zu de Remarquë vun den Deputéierten. Ech huele jo ni Stellung zum Rapporteur, mä ëmmer zu deenen aneren. Duerfir wëll ech awer ufänken dem Rapporteur Merci ze soen, wat mer da scho villes erlaabt net mussen ze soen. Ech wëll awer och der Kommissioun an der Chamber Merci soen. Virun allem awer der Kommissioun, hirem President, dass mer et elo fäerdeg bréngen, als eent vun deenen éischte Länner, net dat Alleréischst, an och nom Délai, awer nëmme kuerz nom Délai de transposition vun den Direktiven, dee ganze Paquet Télécom elo ëmgesat ze hunn zu Lëtzebuerg!

Dat ass och e wesentleche wirtschaftleche Kompetitivitéitsvirdeel. Ech mengen, déi Leit, déi och d'lescht Kéier op den „ICT spring“ waren, déi grouss Technologieausstellung um Kierchbiërg, hu festgestallt, dass et haut net méi esou ass, dass d'Firmen an deem ganzen ICT-Beräich op Lëtzebuerg kommen - wéi et am Ufank effektiv war - weinst der TVA, mä dass se komme weinst enger ganzer Partie vun anere Virdeeler: Dat sinn d'Infrastrukturen, dat sinn d'Datenzentren, dat ass also alles, wat u sech d'Hardware ubelaangt.

Et ass awer och d'regulatiivt Ëmfeld. Se kommen net weinst Suen heihinner, se kommen net weinst Subventiounen, se kommen net weinst der TVA heihinner, se komme weinst deem regulativen Ëmfeld. An duerfir ass et wichteg, dass mer ëmmer versichen, déi Direktiven esou séier wéi méiglech ëmzesetzen an och esou flexibel wéi méiglech, dass mer effektiv hei konkurrenzfähig bleiwen.

Dat hu mer och hei gemaach mat dëser Direktiv, wou mer - an och dat ass e wesentlecht Element, dass Firmaen op Lëtzebuerg kommen - ganz vill Wäert op Dateschutz leeën. D'Firme kommen net op Lëtzebuerg, well mer weineng Dateschutz hätten, mä well mer e gudden Dateschutz hunn. D'Sécherheet vun der Kommunikatioun ass eng wesentlech Fro!

Ech hoffen dëse Freideg kënnen an der Regierung d'Strategie iwwert d'Cybersecurity virstellen. A wa mer dat e Freideg nach geléngt, da géif ech och e Méindeg hei an d'Chamberkommissioun kommen, fir och déi Strategie virstellen. Well do geet et net nëmmen drëm, fir vital Infrastrukture vum Stat ofzesécheren, et geet och drëm, fir dass zum Beispill d'Bankeplaz an anerer wierklech hei kënnen soen: „Ma zu Lëtzebuerg sinn d'Donnéee sécher!“

Mir schaffe ganz vill um „cloud computing“, wou effektiv d'Fro sech vum Dateschutz stellt. An do si mer amgang - och mat der Uni zesammen an an enger ganzer Partie Aarbechtsgruppe vun der Regierung - ze kucken, dass mer „cloud computing“ esou maachen, dass et och effektiv fir d'Banken interessant ass.

Duerfir sinn ech hei e bësselchen iwwerrascht, wann ech elo héieren, mir géifen hei den Dateschutz aushiewelen. Au contraire! Mir bauen en nach méi op, wéi e scho virdrun an deem éischte Projet, an deem éischte Gesetz war, wat ech selwer nach eraginn hunn.

Ech wëll och dofir eigentlech nëmmen op ee Punkt elo hei zrëckkommen, dat ass dee vun dem 112, 113. Well wat hei net gesot gouf op dësen Tribünen, dat ass, dass deem Artikel 7 u sech de Remplacement ass vum alen Artikel 41. A wann Der am urspréngleche Projet de loi nokuckt, da gesitt Der, dass mer hei d'Dateschutzkommissioun gefrot hunn, ier dass mer aktiv gi sinn, an notament zum Ofschafe vum Artikel 41, wat eng relativ ëmstridde Fro war an der Regierung.

Den Artikel 41 vum 2002er Gesetz, deem huet nämlech eng ganz zentraliséiert Léisung virgesi fir sämtlech Donnéeën an net nëmmen 112, 113, mä alles och fir d'Polizei, an do hätt misen den ILR dat ëmsetzen. An déi Fro, déi zentraliséiert Léisung ass net ëmgesat ginn, notament weinst Käschtefroen.

Mir hunn du bei eis am Ministère des Communications gesot: „Majo, eigentlech brauche mer deem Artikel 41 net.“ Amplaz elo nach deier Suen ze engagéieren, fir e riséig Big Brother opzebaue wéi den 41, menge mer, dass opgrond vum Dateschutz dat net néideg wier. Mir hu virgeschloen... An deem éischten Avantprojet de loi, mat deem ech an d'Regierung gaange sinn, hate mer virgeschloen, den Artikel 41 ersatzlos ze sträichen. Doropshi sinn awer Oppositioune komm, notament engersäits

vun der Protection civile, anerersäits awer och vun der Direction générale de la police, déi gesot huet: „Neen, mir brauchen den 41. Kuckt, dass Der d'Sue kritt an dass Der dat technesch ëmsetzt!“

Well mer dunnt déi Diskussiounen haten, hu mer dunnt notament zu där heiter Fro - net nëmmen - d'Dateschutzkommissioun am Virfeld gefrot - an dat läit och bei dem Projet initial derbäi -, an d'Dateschutzkommissioun schreift och hei, an duerfir wollt ech dat awer nach eng Kéier ze liese ginn. Well, wa mer nämlech haut dat Gesetz net stëmmen, da bleiwe mer beim alen Artikel 41, an do hu mer wierklech eng Big-Brother-Solutioun dran.

„Ces nouvelles dispositions“, dat ass also den Artikel 7, dee vun der Identifikatioun, „remplace aussi bien la dernière phrase de l'article 9 paragraphe 1, dont la suppression par la loi du 24 juillet 2010 avait donné lieu à un regrettable vide juridique“, an elo kënnt et, „et remplace“, och, „l'article 41 actuel de la loi modifiée du 2 août 2002, qui poursuivait le même objectif, à savoir garantir en cas d'appel d'un numéro d'urgence“, an esou weider, „l'accès de plein droit des autorités policières respectivement des services de secours d'urgence à toutes les données d'identification et de localisation disponibles des personnes à l'origine de l'appel.“ An deem ass vill méi wäit gaangen, den aktuellen Artikel 41, dee mer net ëmgesat hunn, faute de moyens financiers et techniques. Deen ass awer vill méi wäit gaange wéi dat heiten!

Et war de Wonsch vum Kommunikationsminister, fir deem ofzeschaffen. An d'Dateschutzkommissioun huet du gesot, dass mer müssen eppes maache fir den 112 an 113. Awer, seet se: „Notre commission ne partage en revanche pas l'avis exprimé par Monsieur le directeur général de la police grand-ducale que le système prévu aux termes de l'article 41 serait nécessaire ou préférable à celui prévu par le projet de loi.“ Opgrond vun deem Avis hu mer dunnt den Artikel 7 geschriwwen, wou mer net méi der Polizei Accès ginn zu den Donnéeën.

Duerfir - dat, wat den Här Bettel hei gefaart huet, an do, wou et den Här Adam awer scho richtiggestallt huet - hei ass net „données à des moyens répressifs!“ Dat war am 41, dat schafe mer elo of. Mir bleiwe bei 112 an 113. An déi brauchen d'Donnéeen, fir Interventiounen ze maachen. Den Här Bettel hat effektiv an der Chamberskommissioun virgeschloen, dass d'Leit missten eng Case cochéieren: Gëtt den 112 dat gewuer oder net?

De Minister huet sech an der Kommissioun dergéint ausgesprach, aus Grënn, déi ech dann och elo nach eng Kéier soen, nämlech folgend: Et gouf en dramatesche Fall viru Joren, wou eng Fra ugeruff huet, déi amgang war ëmbruecht ze ginn. Doduerch, dass d'Services de secours awer net konnten erausfannen, op wat fir engem Telefon déi Fra war, hunn d'Servicer... si sinn ze spët komm an déi Fra war dout!

An duerfir soen ech, et kann een natierlech d'Beispill, wat den Här Bettel seet: „Ech wëll net, dass erausfonnt gëtt, wann ech mellen, dass d'Nopere matenee streiden“, wann een dat am Kapp huet an et géif een d'Case cochéieren, fir ze soen: „Ma ech wëll net, dass meng Nummer beim 112 erauskënnt“, da kann een eventuell selwer drënner leiden, dee Moment, wou engem selwer muss gehollef ginn. An et ass duerfir, nach eng Kéier, dass ech mech dergéint ausgesprach hunn, géint déi Proposition vum Här Bettel, well se effektiv gutt kléngt, mä well se awer d'Problemer net léist.

Derbäi kënnt nach eng Kéier dat, wat, wéi gesot, och schonn den Här Adam gesot huet. Hei ass et nëmme fir d'Services de secours. Hei geet et net weider un d'Services répressifs. Den Här Bettel huet sech hei iwwer Polizeirapporten opgereeget. Bon, hie kennt jo villes vu Polizeirapporten. Do huelen ech elo net Stellung derzou, well do hätt ech villes derzou ze soen. Dat gehéiert net heizou. Mir schwätzen net iwwer Polizeirapporten, mir schwätzen hei iwwer 112 an 113,...

(*Brouhaha général*)

...iwwer 112 an 113. An ech mengen, dass et wichteg ass, dass déi Donnéeën do...

(*Interruption*)

► **Une voix.** - ...ze vill oder net genuch.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias.* - ...dass déi Donnéeën do geholl ginn, fir de Leit ze hëllefen, an déi ginn net un d'Polizei weiderginn, wann et och net grad d'Polizei ass, mä wann et den 112 ass. D'Protection civile gëtt et net weider. An duerfir mengen ech, dass dat heite schonn eng gutt Dispositioun war.

Ech wëll nach eng Kéier soen, hei hu mir schonn am Virfeld d'Dateschutzkommissioun gefrot. Ech mengen, dass mer zu Lëtzebuerg,

an dat wëll ech och hei soen, eng ganz gutt Dateschutzkommissioun hunn, déi ganz streng ass, awer och proaktiv ass, fir ze hëllefe Léisungen ze fannen. A mir hunn hei zesumme mat Ärer Kommissioun wierklech an allen Detailler dat gemaach, wat d'Dateschutzkommissioun gesot huet.

Ech wëll lech och dofir Merci soen, dass Der bereet waart, in extremis een Amendement ze maachen oder e puer Amendementen ze maachen un de Statsrot, fir ze kucken, dass déi Dateschutzkommissioun och eng gewëssen Assurance de survie kritt an dass mer elo aus deene Leit, déi an der Dateschutzkommissioun sinn, Fonctionnaire maachen.

Et brauch een net fir alles, wat de Stat ubitt, Fonctionnaire ze hunn. Dat huet eppes mam Statut vum Fonctionnaire ze dinn. Mä de Statut vum Fonctionnaire ass virun allem do wichteg, wou et ëm Missiounen geet, déi eppes mam Exercice de la puissance souveraine ze dinn hunn. An hei just mat enger Dateschutzkommissioun, déi och elo nach Pouvoirs de sanction kritt, ass et wichteg, fanne mir, dass déi Leit wierklech hei als Fonctionnaire gekuckt ginn.

Mir hunn och eng Léisung wéi bei aneren esou Organen. Ech mengen, den Här Thiel huet Recht, dass mer och eng Kéier do müssen iwwer all déi Autoritéit indépendantes schwätzen. Mä mir hunn dëselwecht Solutiounen do wéi anerer. Do kréien d'Leit also keng Extrawurscht hei an der Dateschutzkommissioun, mä ech mengen, dass et en Organ ass, wou - ech ka mech nämlech un d'Debatten erënnere 2002 - vill Leit sech gefrot hunn, ob mer iwwerhaupt esou eppes bräichten.

Ech mengen, haut ass jiddweree frou, dass mer dat doten Organ hunn. A mir sinn och mëttlerweil esou wäit - do soen ech menge Ministeschkollege Merci -, dass ëmmer erëm am Virfeld elo emol schonn d'Dateschutzkommissioun gefrot gëtt, an net eréischt zum Schluss, wann de Statsrot oder soss ee seet: „Dir hätt se misse froen.“

Mir sinn eis eens, dass ëmmer erëm am Virfeld d'Dateschutzkommissioun gefrot gëtt, an ech mengen, doduerch kréie mer och besser Gesetzer fir d'Leit dobaussen.

Nach ee Wuert zu de Sanktiounen an dem Droit de recours. Et war net, Här Adam, esou, dass keen Droit de recours virgesi war. Dat ass falsch. Et war e Recours en annulation virgesinn a kee Recours en réformation. Dat ass den Ënnerscheid vun der Differenz. Et ass richtig awer, soen ech, ech hunn dat och an der Kommissioun gesot, et huet mer souguer e bësse leedgedoen, dass et mir selwer net opgefall war, wéi ech de Projet gelies hat, wéi ech en déposéiert hunn, dass effektiv bei esou Sanktiounen muss ee Recours en réformation kommen.

Dat heescht, fir den Ënnerscheid ze erklären: Beim Recours en annulation seet den Tribunal administratif: „Majo, Dir hutt e Feeler gemaach, huet en zréck a macht eng nei Décisioun!“ Beim Recours en réformation ersetzt den Tribunal administratif déi falsch Décisioun duerch eng richtig Décisioun. Dat ass den Ënnerscheid. Et war e Recours virgesinn, mä en ass net wäit genuch gaangen. An et ass kloer, opgrond vun der Jurisprudenz vu Stroosbuerg, dass mer hei müssen e Recours en réformation maachen.

Dat gesot, Här President, schenken ech lech véier Minutten. An ech wär da frou, wa mer dat heite Gesetz da kéinte mat enger grousser Majoritéit op d'mannst stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Minister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6243 ass ugehall mat 51 Jo-Stëmmen, géint 7 Enthaltungen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand*

*Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Jean Colomera (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.*

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(*Négation*)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6178 iwwert de Mandat d'arrêt européen. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Bettel a Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 6178 - Projet de loi portant modification de la loi du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne

*Rapport de la Commission juridique*

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6178 maache mir verschidden Upassungen um Gesetz vum 2004 iwwert den europäeschen Haftbefehl. Een europäeschen Haftbefehl, dat ass eng Décisioun vun engem Gericht aus engem Land A, fir eng Persoun an engem Land B festzehuelen a se un d'Land A auszeliwweren. Esou een europäeschen Haftbefehl kann ausgestallt ginn entweder, fir stroferechtlech Poursuîté géint eng Persoun ze ënnerehuelen, oder fir dass dës Persoun hir Strof an deem Land, dat den Antrag stellt, soll ofsetzen.

Den europäeschen Haftbefehl gouf 2002 opgrond vun enger EU-Kaderdécisioun agefouert. Dat war deemools ee Meilestee bei dem Opbau vun engem europäesche Rechts- a Sécherheetsraum. Et war iwwregens dat éischt Rechtsinstrument, wat eng automatesch Unkenntnis vu Gerichte suerteleer vun engem EU-Land an deem anere festgehalten huet.

Et ass kloer, dass mat dem Uwuesse vun der Europäescher Unioun esou Rechtsinstrumenter eng grouss Bedeitung hunn. Et setzt e géigesäitegt Vertrauen an d'Justiz vun deenen eenzelne Memberstate viraus. D'Regel „on n'extrade pas ses nationaux“ gëtt mat dem europäeschen Haftbefehl ganz einfach ausser Kraaft gesat.

Et soll een och net verstoppen, dass esou Rechtsinstrumenter net ondelikat fir eis Finanzplaz sinn. Si applizéiere sech ënner anerem op Steierdelikter.

Am Joer 2010 goufen 32 där europäesch Haftbefehle vun eise Justizautoritéiten ausgestallt. 23 Haftbefehle krute mir vun anere Memberstaten, déi hei am Land exekutéiert si ginn.

Här President, eis Gesetzgebung iwwert den europäeschen Haftbefehl gouf vun engem Expertegrupp vun der Europäescher Unioun evaluéiert. D'Konklusiounen vun deem Grupp ware fir eemol ganz positiv. A Saache Blanchiment krute mir an der Vergaangenheet vum GAFI der regelméisseg op d'Mutz. Beim europäeschen Haftbefehl si mir quasi Musterschüler.

Konkret maache mir folgend Ännerungen: Éischstens, wann eng auslännesch Justizautoritéit eng Persoun zu Lëtzebuerg wëllt festhuelen, da schéckt si un eis Gerichter een europäeschen Haftbefehl. Dat geschitt konkret mat engem definéierte Formulär. Dorop stinn dann Informatiounen iwwert déi gesichte Persoun, d'Strofdozt, déi hir reprochéiert gëtt, an d'Prezisiounen zum Uerteel oder dem Haftbefehl, opgrond vun deem dës Persoun gesicht gëtt.

Wann déi auslännesch Autoritéit net weess, wou déi gesichte Persoun sech ophält, da mécht si e Signalement an dem SIS, dem sou-